GEMENG
HABSCHT

Den 1. Juli 2024

**Betreff: Onwieder vum 29. Juni 2024**

Léif Awunner,

Wéi op munch aneren Platzen am Land wor och ons Gemeng dëse Samschdeg leider de Naturgewalten ausgeliwwert. Ronn 60 Liter op de m2 sinn an annerhallef Stonn gefall an hunn op der Gewan an an den Dierfer vill Schued gemaach, sief et duerch reegelrecht Baachen déi d'Stroossen erof gelaf sinn oder Kanalisatiounen déi, egal wéi nei oder grousszügeg dimensionéiert, esou grouss Reemassen net méi gepackt hunn.

Fir de betraffene Bierger kuerz- a mëttelfristeg ze hëllefen, proposéiert de Schäfferot:

1. D'Gemeng gët weiderhin eng finanziell Hëllef wann d'Proprietären e clapet „anti-retour" wëllen tëschent hirer Wunneng an dem Haaptkollektor installéieren (75% Participatioun vun engem Montant vu maximal 4.000€). E Formulaire kënnt an de nächsten Deeg op de Site vun der Gemeng fir d'Demande esou onkomplizéiert wéi méiglech ze maachen. Dee Formulaire kann och per Telefon op der Gemeng ugefrot ginn.

2. Besonnesch Problemzone vun Iwwerflächewaasser sinn ënnert anerem, zu Äischen d'Cité Bettewiss mat der Rue de Clairefontaine, zu Habscht de Kinneksbierg mat der Rue de Steinfort an zu Simmer, d'Griefgeshiel an de Sëllergronn. Hei chargéiere mir en Ingenieursbureau fir méiglech Léisungen ze proposéieren.

   Rezent hat de Gemengerot eng Mesure iwwert der Cite Bettewiss decidéiert. Mir iwwerpréiwen hier Wierksamkeet.

**Mir bieden all Awunner déi dëse Weekend Problemer mam Waasser haten, ons e Mail op infra@habscht.lu ze maache mat hirer genauer Adress an der Info op d'Waasser aus de Siphoen zeréck gedréckt huet oder op der Uewerfläch eragelaf ass. Mir ginn d'Infoen un den Ingenieursbureau weider fir d'Etude.**

Sonndes Moies hu mir en fonctioun vun eisen Disponibilitéite Container fir d'Raumen opgestallt. Déi betraffen Awunner kënnen och weiderhin hiert Ausgeraumten bis de 4. Juli nach mat, op den Trottoir stellen. Onse Service Technique passéiert reegelméisseg fir d'Saachen ze entsuergen.

Mir wëllen awer och op dëser Plaz de Fräiwëllege vum CGDIS an de Mataarbechter vun onsem Service Technique e grousse Merci soe fir hiren Asaz. Fir déi Betraffen, vill Courage !

De Schäfferot